# Par Parc Our Saint-Nicolas

## Bildchensoktav 2024 zu Veianen

11. – 18. August



Parbréif Nr 5/2024

29. Juni — 15. September 2024

## *Mir soe Äddi a Merci*

Et deet äis leed, datt den Här Äerzbëschof, de Kardinol Jean-Claude Hollerich, eng nei Aufgab fir eise Kaploun Vincent De Smet huet an datt mir hien an eng aner Par mussen zéie loossen, wou hien eng nei Verantwortung kritt. Mir sinn dankbar, fir déi 3,5 Joer, wou mir hien bei äis haten a wou hien sech op ville Gebitter engagéiert huet.

Den Här De Smet, deen déi Zäit am ale Paschtoueschhaus zu Furen konnt wunnen, hat sech séier an eiser Par agelieft an ass mat Vertrauen op d'Leit zougaangen, besonnesch d'Kanner, d'Jugend an déi eeler Leit, doheem, an den Altersheimer an am Foyer zu Holztem. Hien huet drop gehalen, fir an all Uertschaft ze kommen an do kënnen d'Mass ze feieren. Ënner him ass déi Baastenduerfer Kierch zur Familljekierch ëmfunktionéiert ginn a seng Familljemassen waren ëmmer gutt besicht. Hien huet sech och ëm de Kommiounsgrupp zu Baastenduerf gekëmmert an ass vill gefrot ginn fir Dafen, Hochzäiten an och Begriefnisser. D'Massendénger waren him och en Uleies. Hien hat e gudde Kontakt mat de Jongsodalen a mat anere Jugendgruppen. Hien huet seng Meenung fräi gesot, och wann hien emol domat ugeeckt ass. Vill vun äis vermëssen hien sécher.



Mir wënschen him op senger neier Plaz all Guddes a motivéiert Mataarbechter am Team an an der Par. Wien him fir säi Wierken wëllt Merci soen kann dat maachen mat engem Don fir säi weideren pastoralen Asaz op säi Kont bei der Spuerkeess:

**LU55 0019 1655 6160 6000**
**BCEELULL**

mat dem Vermierk: Don fir den Abschid.

Paschtouer Jeannot Gillen,
zesumme mam ganze Pastoralteam

## *Léif alleguer,*

d'Noriicht datt meng Rees am véierte Joer fir mech weider geet huet eis iwwerrascht, a sou wëll ech mech un Iech all nach eng Kéier riichten:

Matten am Wanter (um 1. Advent 2020), matten an enger Corona-Pandemie, eng Par, hir Dierfer, hir Stroossen (a vill Kéieren), souwéi hir Leit kennen ze léieren, war am Ufank net einfach. Wéi d'Fréijoer allerdéngs bis do war, – an d'Eis net nëmmen dobausse gebrach war – , war séier kloer, datt mir mat eneen kënnen (fir et elo mol ganz banal auszedrécken).

Bei menger Begréissung hunn ech gesot gehat, datt ech mech géif freeën, ee Stéck Liewenswee mat Iech ze goen. Dobäi hunn ech dann ëmmer versicht, éierlech an authentesch ze sinn, an daat an alle Liewenslagen. Bei ganz schéine Momenter, vu Fest, Gesang a Freed, wéi awer och an deene schwéieren, wann Doud, Leed an Trauer virun der Dier stoungen, hunn ech ëmmer versicht mäi Bescht ze ginn fir mat deene richtege Wieder eise Glawen an eis Hoffnung siichtbar a spiirbar ginn ze loossen.

U meng Spontaneitéit, – déi ech selwer mat Iech u mir entdeckt hunn –, hu mir eis lues a lues gewinnt, a mir hu méi wéi eng Kéier gutt gelaacht, wann eppes Onerwaartenes geschitt ass, an ech e.a. op d'Sich nom Fuedem gaangen sinn.

Immens gefreet hunn ech mech fir mat de „Baastenduerfer-Dammen", d'Famillje-Pastoral ze verwierklechen, an esou eis Familljekierch mat eise Masse opzebauen, fir ënner anerem déi ganz Kar- an Ouschterdeeg kannergerecht kënnen ze feieren. Eng grouss Ännerung koum schonns, – wéi eis Katecheetin, d'Nicole Kleer –, virun 2 Joer gaangen ass, an ech de Kommiouns-Programm zu Baastenduerf iwwerholl hunn an d'Kanner mat hiren Elteren op hire groussen Dag virbereet hunn. Awer och, datt mir d'Firmvirbereedung nees konnte starten, an daat mat der Hëllef aus der Par Ettelbréck (an elo souguer Par Ettelbréck an d'Par Dikrech zesummen).

An eiser Gemeinschaft war ech oft de Jéngsten, bei der *Jungsodalitéit vuan Veinen*, déi mech als Vincent an hire Veräin integréiert hunn, konnt ech als Gläichaltregen bei Aktivitéiten mat vill Freed bis an de Moien eran hëllefen. Zesummen hu mir et och fäerdeg bruecht, e Stéck Veianer Geschicht an d'Traditioun z'erhalen, an deems hir béid Fändelen elo propper an hirer Kapell vu ville Leit an Touristen kenne bewonnert ginn. Net vergiessen wëll ech awer och eis Massendénger*innen. Och mir hunn zesummen vill schéi Momenter erlieft an

dobäi d'Kees nach richteg gutt gefällt a sou munch soziale Projet ënnerstëtzt.

Net ongeschriwwen wëll ech awer och follgend Zeile loossen, datt et mir wuel bewosst ass, datt ech mat menger Aart a Weis villäicht ongewollt deen een oder aneren ka getréppelt hunn. Mat dëse Wieder well ech mech dann dofir entschëllegen.

Voilà... bei all Trauregkeet, déi elo an der Loft läit, sollen an däerfe mir awer och Merci soen, datt sech eis Weeër getraff hunn. Datt mir d'Chance kruten eis kenne geléiert ze hunn.

**E grousse MERCI geet ganz einfach un Iech all,**
**egal op elo um Duerf oder an der Stad, am Dall oder um Bierg,**
**doheem oder am Altersheem,**
**fir Äert Vertrauen an Är Oppenheet mir vis-à-vis.**
**Datt Dir mir sou ze soen Häerz an Heem opgemaacht hutt.**

Fir eis all geet elo nees eng aner, eng néi Etapp un, mat sou munche Froen, Erwaardungen an Erausfuerderungen. Waat wënscht een engem zum Schluss? Wéi hält een esou Zeilen am beschten op? Bei mir soll daat mat engem Wonsch an am Vertrauen sinn. Ech wënschen Iech fir d'Zukunft, niewent Gléck, Gesondheet an Zefriddenheet och eng sécher Hand bei allem waat als Gemeinschaft, – als eng grouss Par –, virun Iech läit, an ech vertrauen drop, datt den Herrgott jidderengem zur Säit steet, an hie kengem méi opleet, wéi daat, waat een (zesummen) droe kann.

*Am dësem Sënn: Bléift gesond a monter.*

Äre Kaploun Vincent De Smet

P.S.: A schonns am Viraus Merci fir all léiwen Don.

*Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*
24. August 2024 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| ***06/2024*** | 14.09. – 27.10.2024 | 24.08.2024 |
| ***07/2024*** | 26.10. – 30.11.2024 | 05.10.2024 |
| ***08/2024*** | 29.11. – 19.01.2025 | 08.11.2024 |

# Matdeelungen

## *„Opgepasst!!!“*

An der Zäit vun der Summervakanz gi manner Gottesdéngschter gefeiert. Kuckt wannechgelift opmierksam d’Gottesdéngschtuerdnung, fir dat Dir Iech net fir näischt deplacéiert.

## ***Maria Himmelfaart*** *– Festmass mat Kraiderseenung, den 15. August 2024 zu Stolzebuerg*



Wéi déi Jore virdru gëtt och dëst Joer de 15. August 2024 zu Stolzebuerg d’Krautwëschfest oder de Léiffrawëschdag gefeiert, deen eng Traditioun ginn ass. Wärend der Mass ginn déi gebonne Bündelen vu Kraider geseent an duerno verdeelt.



Wéi gewinnt besteet de Krautwësch aus lokalen Zorte vu Kären, kulinaresche Kraider a wëll Heelkraider, déi ganz oft als Onkraut bezeechent ginn.

Zënter e puer Joer suergt d'Chorale „Sängerfrënn vu Stolzebuerg“ fir datt dëse schéine Brauch weidergefouert gëtt. Och dëst Joer gëtt den Erléis vun de Spende rem benotzt fir d'Kierchen an der Gemeng Pëtschent ze erhalen.

Déi de 15. August 2024 net op d'Feier kënne kommen, hunn d'Méiglechkeet bis spéitstens Mëttwoch, den 9. August e Krautwësch beim Aloyse Lieners (Telefon 621 501 627) ze bestellen.

D'Choral „Sängerfrënn vu Stolzebuerg“ seet Iech MERCI

## *Programm vum ROUKIDAG zu Veianen*
*den 18. August 2024*

| | |
|---|---|
| 10:30 Auer | Houmass an der Trinitarierkierch |
| 12:30 Auer | Gemeinschafts-Iessen vun der Par am „Restaurant Petry“ |
| 15:00 Auer | RDV bei der Jugendherberg zu Veianen, uschléissend Roukiprëssessioun bei d’Bildchenskapell, unschléissend Receptioun beim Fatima Sanctuaire am Bildchensbësch. |

Detailer fënnt dir um Flyer an dësem Parbréif.

## *Apero vum Eesber Trupp*
*den 25. August 2024 zu Uewereesbech*

No der Mass bei der Becherduerfkapell zu Uewereesbech de 25. August 2024 ass Apero-Time, organiséiert vum Eesber Trupp.

## *Abschid vum Fanny Gales an der Parkatechees*

Leider huet d’Madame Fanny Gales no langem Iwwerleeën décidéiert, mat der Parkatechees opzehalen an dat nächst Joer kee Grupp méi ze iwwerhuelen. Mir kënnen hir Décisioun verstoen a respektéieren se och. Si war vun Ufank un mat vill Begeeschterung an Engagement dobäi a huet verschidde Gruppen begleet. Donierft huet si och bei der Organisatioun vun der Katechees a bei de Kommiounen vill gehollef. Mir soen hir, och am Numm vun de Kanner aus der Katechees an hiren Elteren, e ganz déiwen an häerzleche Merci fir all dësen Asaz a fir alles, wat si de Kanner vun hirem Glawen an Engagement matginn huet.

Mir si frou, datt eisen Diakon Jürgen Kusch de Kommiounsgrupp zu Baastenduerf dat nächst Joer iwwerhëllt an datt d’Mme Elisa Pereira an hir Duechter Michaela den PC 1 zu Veianen iwwerhuelen. Esou kënne mir virun all Gruppen an eiser Par ubidden.

## Massbestellungen

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d'église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## 13. Sonndeg am Joereskrees B

***Kiermes zu Branebuerg***

*Kollekte: « Für die Kirchen Osteuropas ».*

*1. Lies.: Weish 1, 13-15; 2, 23-24; 2.Lies 2 Kor 8, 7.9.13-15:; Ev.: Mk 5, 21-43*

***« Meng Duechter, däi Glaf huet dech gerett:***
***Géi a Fridden a sief vun denger Krankheet geheelt! »*** *(Mk 5,34)*

De Jesus léisst sech haut am Evangelium vun eiser Péng a vun eisem Doud beréieren a wierkt zwee Zeechen vun Heelung fir äis ze weisen, datt d'Péng an den Doud net dat lescht Wuert an eisem Liewen hunn.

Bei der Fra, déi Bluddungen hat, war net nëmmen hir Gesondheet, mee och hir Gefiller betraff, well si huet als onreng gegolt. Si war aus der Gesellschaft ausgestouss a konnt keng fest Bezéiungen hunn, kee Partner, keng Famill. Si huet missten eleng liewen mat hirem verwondten Häerz. Déi gréisst Krankheet ass de Mangel u Léift oder onfäeg ze sinn, aner Mënschen gär ze hunn. Dës aarm Fra war kierperlech krank, mee als Folleg dovun och duerch e Feele vu Léift. An déi Heelung, déi am meeschten zielt, ass déi vun de Gefiller. Wéi steet et domat bei äis an traue mir dem Jesus zou, äis ze heelen? Mir all kënnen äis un dëser Fra ouni Numm e Beispill huelen. Si huet fir d'éischt zu deene falsche Mëttelen gegraff, déi hire Mangel u Léift net konnten stëllen. Dunn huet si deen direkte Kontakt mam Jesus gesicht an him hirt Häerz opgemaach. Dat ass et, wat de Jesus wëll. Hien sicht no engem Häerz voll Glawen a geet iwwer Sënnen a Viruerteeler eraus. Hien heelt grad déi Fra, déi onreng ass a vun all deenen anere verstouss gëtt. Hien nennt si zärtlech „meng Duechter". Dat ass dem Jesus säi Stil: Nosinn, Matleed a Zärtlechkeet. Hien lueft hire Glawen a schenkt hir nees Vertrauen a sech selwer. Loosse mir och all esou de Jesus eist Häerz ukucken an heelen. Loosse mir och e sou déi aner unhuelen ouni iwwer si ze uerteelen an duerch eis Léift heelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 29.06.2024** | | **Heiliger Petrus und Heiliger Paulus,** *Apostel* |
| Housen | 11:00 | **Daf** vum Lyam Augusto Santos Lopes |
| **Sonndeg, 30.06.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Tilly a Nic Groeff-Trausch |

| | | |
|---|---|---|
| Houschent | 09:15 | Mass als 6 Wochemass fir Annette Schroeder,<br>Mass als 1. Joermass<br>fir Thérèse Schroeder-Dimmer,<br>Mass fir Nikela Schroeder |
| Branebuerg | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir Jean a Catherine Weber-Steffen<br>a fir Pierre Steffen,<br>Mass fir Famill Jungels-Miller |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 01.07.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 02.07.2024** | | **Mariä Heimsuchung** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 03.07.2024** | | **Heiliger Thomas,** *Apostel* |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen |
| **Donneschdeg 04.07.2024** | | **Heiliger Ulrich***, Bischof von Augsburg (+ 973)*<br>**Heilige Elisabeth,**<br>*Königin von Portugal (+ 1336)* |
| **Freideg, 05.07.2024** | | **Heilger Antonius Zaccaría,**<br>*Priester, Ordensgründer (+ 1539)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 14. Sonndeg am Joereskrees B

*1. Lies.: Ez 1, 28b - 2, 5; 2.Lies: 2 Kor 12, 7-10; Ev.: Mk 6, 1b-6*

***Vill vun deenen, déi dem Jesus nogelauschtert hunn, waren ausser sech a soten: « A wou huet hien dat alles hier...? » A si hunn Ustouss un him geholl.*** *(Mk 6,2-3)*

D'Leit aus dem Jesus sengem Heemechtsduerf kennen de Jesus oberflächlech awer si erkennen hien net a senger Eenzegartegkeet, well si an hire Viruerteeler gefaange sinn. Si gleewen net un hien, well si de Skandal net akzeptéieren, datt den Herrgott Mënsch gëtt a sech an eisem schwaache Fleesch offenbaart, datt de Jong vum Herrgott de Jong vun engem Zammermann ass, datt Gott verbuer-

gen an de Wierder an de Gesten vun engem einfache Mënsch wunnt. Den Herrgott ass am Mënsch Jesus vun Nazareth eise Weebegleeder ginn, een vun äis. A well hien ee vun äis ass, versteet hien äis, verzeit hien äis, huet hien äis esou gär. Een abstrakte Gott, dee wäit ewech ass a sech net améscht, ass méi bequem. Oder mir gleewe léiwer un e Gott, deen aussergewéinlech Saache mécht an äis grouss Gefiller schenkt. Mee den Herrgott ass Mënsch ginn, hien ass deemüteg a verbuergen, hien kënnt äis no a wunnt an der Normalitéit vun eisem alldeegleche Liewen. An esou kann et och äis geschéien, datt mir hien net erkennen, wa mir him begéinen oder Ustouss un him huelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 06.07.2024** | | **Heilige Maria Goretti,**<br>*Jungfrau, Märtyrerin (+ 1902)* |
| Mierschent | 11:00 | **Daf** vum Jamie Gansemans |
| **Sonndeg, 07.07.2024** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass fir Albert a Mariechen Mollitor-Simon<br>a fir Josy Trausch |
| Baastenduerf | 10:30 | **Familljemass**<br>als Ofschloss vum Katechesejoer mat **Abschid** vun eisem Kaploun **Vincent De Smet** a vun der **Madame Fanny Gales,**<br>Mass fir Jeannot Goeres a<br>fir d'Famill Kandels-Urhausen<br>*Uschléissend gëtt en Éierewäin vun der Tandeler Gemeng offréiert.* |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Keng Houmass |
| **Méindeg, 08.07.2024** | | **Heilger Kilian,** *Bischof von Würzburg*<br>*und Gefährten, Märtyrer (+ 689)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 09.07.2024** | | **Heiliger Agustinus Zhao Rong,**<br>*Priester, und Gefährten, Märtyrer (+ 1815)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 10.07.2024** | | **Heilger Knud,**<br>*König von Dänemark, Märtyrer (+ 1086);*<br>**Heiliger Erich,**<br>*König von Schweden, Märtyrer (+ 1160);*<br>**Heiliger Olaf,** *König von Norwegen (+ 1030)* |
| Housen | 10:00 | Mass als 5. Joermass fir René Spaus *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir de Kardinol,<br>de Weibëschof an de Generalvikar |
| **Donneschdeg 11.07.2024** | | **Heiliger Benedikt von Nursia,**<br>*Vater des abendländischen Mönchstums,*<br>*Schutzpatron Europas (+ 547)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass fir den Dechen René Feltes |
| **Freideg, 12.07.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 15. Sonndeg am Joereskrees B

*1.. Lies.: Am 7, 12-15; 2.Lies: Eph 1, 3-14; Ev.: Mk 6, 7-13*

***Déi Zwielef hu sech op de wee gemaach an hunn de Leit verkënnegt,***
***si sollten ëmdenken. Si hu vill Dämonen ausgedriwwen,***
***an si hu vill Kranker mat Ueleg gesaleft a si geheelt.*** *(Mk 6,12-13)*

D’Evangelium vun haut léisst äis un d’Sakrament vun der Krankensalbung denken, dat de Kierper an d’Séi stärkt. Mee d’Nolauschteren, d’Nosinn, d’Virsuerg ass och eppes wéi den Ueleg, dat mécht, datt et engem besser geet, datt d’Péng noléisst, datt een opgeriicht gëtt. Mir all brauchen d’„Salbung“ vun dem Nosinn an der Zärtlechkeet a mir kënnen aneren se ginn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 13.07.2024** | | **Heiliger Heinrich II. und heilige Kunigunde,**<br>*Kaiserpaar (+ 1024 bzw. 1033)* |
| Veianen-TK | 11:00 | **Daf** vum Lio Tshepo Hoffmann |
| Stolzebuerg | 16:00 | **Daf** vum Maria Magdalena Pinto |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass<br>als Stg. fir Jean Fonk a Anna Lentz |
| **Sonndeg, 14.07.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass zu Éiere vun der Muttergottes,<br>Mass fir Helene a Jos Heinen-Kalbusch |

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:30 | Mass mam Abschid<br>vum Kaploun Vincent De Smet<br>Mass als 6. Wochemass fir Yvette Blom-Leners |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass,<br>*Gesongen vun der Chorale Saint Pie X vu Kayl* |
| **Méindeg, 15.07.2024** | | **Heiliger Bonaventura,**<br>*Bischof, Kirchenlehrer (+ 1274)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Dënsdeg 16.07.2024** | | **Gedenktag unserer lieben Frau auf dem Berge Karmel** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass<br>fir Georges a Catherine Clees-Schumacher |
| **Mëttwoch, 17.07.2024** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Siebenaller-Weydert<br>Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Petry-Sauber |
| **Donneschdeg 18.07.2024** | | |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |
| **Freideg, 19.07.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 16. Sonndeg am Joreskrees – B

*1. Lies.: Jer 23, 1-6; 2.Lies: Eph 2; 13-18: ; Ev.: Mk 6, 30-34*

***Wéi de Jesus all déi Leit gesinn huet, hat hien Matleed mat hinnen,***
***well si ware wéi Schof, déi keen Hiert hunn,***
***an hien huet ugefaang, si villes ze léieren.*** *(Mk 6,34)*

Wann de Jesus d'Nout an d'Suerge vun deene ville Leit gesäit, déi bei hien kommen, awer och hirt Vertrauen an hien, dann ass hien a sengem Häerz dovu beréiert. Et deet him wéi, datt si keen Halt hunn an hien wëllt hinnen hëllefen an hinnen eng Orientéierung an en Zil am Liewe ginn. Mee de Jesus ass net

nëmmen ee gudden Hiert fir déi vill Leit, déi op der Sich no Sënn an Halt an hirem Liewe sinn. Hien gesäit och, datt seng Jünger duerch hir vill Aarbecht midd gi sinn a Rou a Rascht brauchen an hien suergt dofir, datt si se kréien. Loosse mir äis an eiser Aarbecht an a Momenter vu Rou mam Jesus verbonne wëssen, äis vun him leeden a stäerke loossen an alles zu senger Eier maachen. Da sinn och mir op fir d'Nout vun eise Matmënschen a kënn hinnen hëllefen, an der Léift zum Herrgott an de Mënschen ze wuessen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 20.07.2024** | | **Heiliger Apollinaris,**<br>*Bischof von Ravenna, Märtyrer (+ um 200)*<br>**Heilige Margareta,**<br>*Jungfrau, Märtyrerin (+ 300)* |
| Hosingen | 10:30 | **Daf** vun<br>Damien, Mayra a Thaissa Rodrigues Delgado |
| Hosingen | 15:00 | **Hochzäit** vum Thierry Hinger mam Jill Lehnen |
| **Sonndeg, 21.07.2024** | | |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Hosingen | 11:30 | **Daf** vum Melody Dinis Lameira |
| Veianen | 10:30 | Mass |
| **Méindeg, 22.07.2024** | | **Heilige Maria Magdalena,**<br>*erste Zeugin der Auferstehung* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 23.07.2024** | | **Heilige Birgita von Schweden,**<br>*Mutter, Ordensgründerin,*<br>*Schutzpatronin Europas (+ 1347)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 24.07.2024** | | **Heiliger Christopherus,** *Märtyrer (+ 250)*<br>**Heiliger Scharbel Mahlûf,**<br>*Ordenspriester (+ 1898)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir déi kriibskrank<br>Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg 25.07.2024** | | **Heiliger Jacobus,** *Apostel* |

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 26.07.2024** | | **Heiliger Joachim und Anna,**<br>*Eltern der Gottesmutter* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 17. Sonndeg am Joereskrees B

*1. Lies: 2 Kön 4, 42-44; 2; 2.Lies: Eph 4, 1-6; Ev.: oh 6, 1-15*

***Wéi d'Leit dat Zeeche gesinn hunn, dat de Jesus gemaach hat, soten si:***
***« Den hei ass wierklech de Prophéit, deen an d'Welt komme soll. »*** *(Joh 6,14)*

D'Leit sinn dovu beandrockt, datt de Jesus si mat Brout gesiedegt huet a si sichen hien, fir hien zu hirem Kinnek ze maachen. Si hunn deen déiwe Sënn vu sengem Zeechen nach net erkannt a bleiwe bei hire materielle Bedürfnisser stoen. De Jesus entzitt sech hinnen fir si méi déif a säi Wiesen an a seng Missioun anzeféieren, déi fir si schwéier ze verdauen ass an der vill ofstéisst. Loosse mir dankbar sinn, wann den Herrgott heiansdo eis Bedürfnisser a Wënsch erfëllt. Wann hien se net erfëllt, waren se vläicht zevill egoïstesch an hunn eise spirituelle Fortschrëtt behënnert. Well den Herrgott wëllt äis ëmmer an der gratis geschenkter Léift wuesse loossen, déi äis him änlech mécht.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 27.07.2024** | | |
| Mierschent | 10:30 | **Daf** vum Georges Recken |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 28.07.2024** | | |
| Furen | 09:00 | Mass als Stg. fir d'Famill Winter-Kuffer,<br>Mass fir Sisy a Aloyse Lorentz,<br>Mass fir d'Familien Karier-Brücher-Peffer,<br>Mass fir Jengi Muller |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 29.07.2024** | | **Heiligen Martha,**<br>**Maria und Lazarus von Betanien** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 30.07.2024** | | **Heiliger Chrysologus,**<br>*Bischof von Ravenna, Kirchenlehrer (+ 450)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 31.07.2024** | | **Heiliger Ignatius von Loyola,**<br>*Ordensgründer (+ 1556)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg 01.08.2024** | | **Heiliger Alfons Maria von Liguori,**<br>*Ordensgründer, Bischof, Kirchenlehrer (+ 1787)* |
| **Freideg, 02.08.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 18. Sonndeg am Joereskrees B

*Kollekte: « Für die Kirchen im Heiligen Land ».*

*1. Lies.: Ex 16, 2-4.12-15; 2.Lies: Eph 4, 17.20-24; Ev.: Joh 6, 24-35*

***« Ech sinn d'Brout vum Liewen: Wie bei mech kënnt,***
***gëtt ni méi hongereg a wien u mech gleeft, gëtt ni méi duuschtereg. »*** *(Joh 6,35)*

Am Evangelium wëllt de Jesus haut d'Leit an äis all fir hiren méi déiwen, spirituellen Honger an Duuscht opmaachen a si léieren, datt hien eleng dësen Honger an Duuscht vir ëmmer stëlle kann. Dofir ass eng Emkéier néideg an e Glawen a Vertrauen an den Herrgott, déi nëmmen dësen selwer bewierke kann. Loosse mir äis vum Papp am Himmel bei de Jesus féieren fir dat Geschenk vum Himmel ze verstoen an unzehuelen, wat hien äis eleng gi kann.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 03.08.2024** | | |
| **Sonndeg, 04.08.2024** | | |
| Housen | 10:30 | WOGODI |
| Veianen-TK | 10:30 | Mass fir Irma Bingen-Lanners a Marc Bingen |
| **Méindeg, 05.08.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 06.08.2024** | | **Verklärung des Herrn** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 07.08.2024** | | **Heiliger Xystus II.,**<br>*Papst und Gefährten, Märtyrer (+ 258);*<br>**Heiliger Kajetan,**<br>*Priester, Ordensgründer (+ 1547)* |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir alkohol- an drogenkrank Mënschen an hir Familljen |

| | | |
|---|---|---|
| **Donneschdeg 08.08.2024** | | **Heiliger Dominikus,** *Priester, Ordensgründer (+ 1221)* |
| **Freideg, 09.08.2024** | | **Helige Edith Stein** *(Theresia Beneticta vom Kreuz), Ordensfrau, Märtyrin, Schutzpatronin Europas (+ 1942)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

# Bildchensoktav zu Veianen

## vum 11.08. – 18.08.2024

***« Muttergottes vum Bildchen stäerk eis Gemeinschaft »***

## 19. Sonndeg am Joreskrees – B

*1. Lies.: 1 Kön 19, 4-8; 2.Lies.: Eph 4, 30 - 5, 2; Ev.: Joh 6, 41-51*

***« Ech sinn dat liewegt Brout, dat aus dem Himmel erofkomm ass:***
***Wann ee vun dësem Brout ësst, da lieft hien an Eiwegkeet; d'Brout, dat ech ginn,***
***dat ass mäi Fleesch fir d'Liewe vun der Welt. »*** *(Joh 6, 51)*

De Jesus schenkt äis säi Läif a säi Blutt, fir datt mir mat Courage an Hoffnung op eisem Wee dem Herrgott entgéint ginn. D'Kommioun ass eng staark Narung, déi äis d'Léift vum Herrgott schenkt, fir datt mir all Schwieregkeeten am Liewe kënnen iwwerwannen an dobäi an eiser Léift wuessen. Si ass d'Brout vum éiwege Liewen. De Jesus huet eist mënschlech Liewen ugeholl, fir äis säi gëttlecht ze schenken an den Herrgott an d'Mënschen mateneen ze verbannen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 10.08.2024** | | **Heiliger Laurentius,** *Diakon, Märtyrer (+ 258)* |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass<br>als 20. Joermass fir Valy Baustert-Bourgmeyer,<br>Mass fir Romain Lentz,<br>fir d'Famill Lentz-Neumann<br>a fir d'Famill Thesen-Rasqué |
| **Sonndeg, 11.08.2024** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen | 14:30 | RDV beim Fatima Sanctuaire<br>am Bildchensbësch |
| *Uschléissend:* | | Pressioun bei d'Bildchenskapell an zeréck |

| | | |
|---|---|---|
| Veianen | 15:30 | Pontifikal-Fräi-Liichtmass<br>mam Weibëschof Leo Wagener encadréiert<br>vum Gesank begleet vu Musiksinstrumenter |
| **Méindeg, 12.08.2024** | | **Heilige Johanna Franziska von Chantal,**<br>*Ordensgründerin (+ 1641)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Bildchensmass mat Krankesalbung |
| Houschent | 18:30 | Rousekranz |
| | 19:00 | Bildchesmass mat Priedegt<br>vum Paschtouer Marco Wehles,<br>Mass fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer,<br>*gesonge vun der Choral vun Houschent* |
| **Dënsdeg, 13.08.2024** | | **Heiliger Pontianus,** *Papst, und*<br>**Heiliger Hippolyt,** *Priester, Märtyrer (+ 235)* |
| Veianen-SB | 10:30 | Bildchensmass mat Krankesalbung |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Veianen-TK | 18:30 | Rousekranz |
| | 19:00 | Bildchensmass mat Priedegt<br>vum Offizial Patrick Hubert,<br>Mass fir Romain Lentz a Elteren<br>a fir Elsie Peffer-Ries<br>*gesonge vun der Chorale vu Fouren* |
| **Mëttwoch, 14.08.2024** | | **Heilger Maximilian Kolbe,**<br>*Ordenspriester, Märtyrer (1941)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Baastenduerf | 18:30 | Rousekranz |
| | 19:00 | Bildchensmass mat Priedegt<br>vum Kaploun Vincent De Smet,<br>*gesonge vun de Chorale vun Baastenduerf a Branebuerg-Laaschent* |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

## Héichfest vun der Opnahm Mariens an den Himmel

*1. Lies.: Offb 11, 19a; 12, 1-6a.10ab 2.Lies.: 1 Kor 15, 20-27a; Ev.: Lk 1, 39-56*

***« Geseent bass du ënner de Fraen,***
***a geseent ass d'Fruucht an dengem Schouss ! »*** *(Lk 1,42)*

D'Maria huet vun hirem Ufank un eng besonnech Gnod vum Herrgott geschenkt kritt, fir d'Mamm vu sengem Jong an eisem Erléier Jesus ze ginn. Den Herrgott huet sech an hir eng reng Wunning virbereet. Dofir ass si déi éischt vun den Hellegen an Erléisten. Si hat um Leiden vun hirem Jong Undeel an esou huet si och Deel u senger Operstéiung an Himmelfahrt. Den Herrgott huet si am Doud bei sech geholl. Dofir ass si fir äis all en Zeeche vun Trouscht a vun Hoffnung. Duerch si an de Jesus huet déi ganz Schöpfung Seegen a Liewen erfuer. Dat feiere mir och haut, wa mir de Wësch seenen. D'Blummen an d'Kräider si fir äis en Zeeche vum Herrgott senger Guttheet fir äis a vun Räichtum vu sengem Liewen, deen sech an der Welt an am Himmel entfalt.

**Donneschdeg, 15.08.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 10:30 | Houmass mat seene vum Wësch<br>mat Priedegt vum Paschtouer Jeannot Gillen,<br>*gesonge vun de Chorale*<br>*vu Stolzebuerg a Mierschent* |
| Housen | 10:30 | Festmass mam Bildchen |

**Freideg, 16.08.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 19:00 | Bildchensmass mat Prediegt<br>vum Diakon Jürgen Kusch,<br>*gesonge vun der Choral vun Housen* |

## 20. Sonndeg am Joreskrees – B

***Roukidag zu Veianen***

*1. Lies.: Spr 9, 1-6; 2.Lies.: Eph 5, 15-20; Ev. : Joh 6, 51-58*

***« Wéi de Papp, dee lieweg ass, mech geschéckt huet,***
***a wéi ech duerch de Papp liewen, esou lieft och deejéinegen,***
***dee mech esst, duerch mech. »*** *(Joh 6,57)*

Dat liewegt Brout aus dem Himmel schenkt äis Undeel um Liewe vum Herrgott selwer, esou wéi de Jesus duerch seng Bezéiung mat sengem Papp am Himmel lieft. Mir wëllen alleguerten den Doud an dat Béist iwwerwannen an an dat éiwegt Gléck beim Herrgott agoen. Dofir brauche mir dat Brout, dat Liewe

schenkt an dat de Jesus selwer ass. De Jesus seet: „Mäi Fleesch ass wierklech fir z'iessen a mäi Blutt ass wierklech fir ze drénken." Loosse mir äis net dorunner stéieren, mee gleewen, datt hien äis elo schonn Undeel um éiwege Liewen an un der Gemeinschaft mat sengem Papp am Himmel gëtt an datt hien grad dofir Mënsch ginn, gestuerwen an operstanen ass. Wa mir d'Liewensbrout emfänken, riichte mir eist Liewen nom Jesus, maache mir him Eier an duerch hien eisem Papp am Himmel.

**Samschdeg, 17.08.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Houschter-Déckt | 15:30 | **Hochzäit**<br>vum Jérôme Junker mam Nadine Marnach |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |

**Sonndeg, 18.08.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass fir Marie-Cécile Goebel,<br>Mass fir d'Familllen Kayser-Heintz,<br>Heintz-Eiffes a Kayser-Mailliet<br>Mass als 1.Joermass<br>fir Marie-Josée Schank-Genson |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass mam Generalvikar Patrick Muller,<br>fir all Wohltäter vun der Bildchenskapell,<br>Kollekt fir d'Restauratioun<br>vun der Bildchenskapell,<br>Mass fir Pierrot Schammel<br>a fir Marie-Thérèse Barbier-Schammel,<br>*gesonge vun der Choral Trinitaire* |
| Veianen | 15:00 | **Roukipressioun** vun der Jugendherberg bis bei d'Bildchen, Schlusssegen |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 19.08.2024** | | **Heiliger Johannes Eudes,**<br>*Priester, Ordensgründer (+ 1680)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| **Dënsdeg, 20.08.2024** | | **Heilger Bernhard von Clairvaux,**<br>*Abt, Kirchenlehrer (+ 1153)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 21.08.2024** | | **Heilger Pius X.,** *Papst (+ 1914)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir Mënsche mat Depressiounen an anere psycheche Krankheeten |
| **Donneschdeg 22.08.2024** | | **Maria Königin** |
| Laaschent | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 23.08.2024** | | **Heilige Rosa von Lima,** *Jungfrau (+ 1617)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 21. Sonndeg am Joreskrees – B

***Kiermes zu Wëller***

*1. Lies.: Jos 24, 1-2a.15-17.18b; 2.Lies.: Eph 5, 21-32; Ev.: Joh 6, 60-69*

***« Déi Wierder, déi ech iech gesot hunn, si Geescht a Liewen. »*** *(Joh 6,63b)*

A senger Ried iwwert d'Brout vum Liewen huet de Jesus äis d'Gréisst vu senger Lieft matgedeelt. Dës Léift fuerdert als Änwert e groussen Asaz, ma dem Jesus seng Fuerderungen féieren zu engem fruchtbare Liewen an enger déiwer Freed. Loosse mir eist Häerz net virun dem Jesus sengen haarde an exigente Wierder verschléissen a se ofleenen, mee voll Vertrauen mam Péitrus a mat den Apostelen äntwerten: „Bei wie solle mir goen. Du hues Wierder vum éiwege Liewen."

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 24.08.2024** | | **Heiliger Bartholomäus,** *Apostel* |
| Wëller | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir Agnès a Jos Kissen-Zanter<br>a fir Tin a Vic Kissen-Heuts,<br>Mass fir d'Famill Bastin-Reis<br>a fir Maguerite Dockendorf |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 25.08.2024** | | |
| Uewereesbech | 10:30 | Mass fir Martha Steimes-Schroeder<br>*(Becherduerfkapell)* |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 26.08.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| **Dënsdeg, 27.08.2024** | | **Heilige Monika,** *Mutter des heiligen Augustinus (+ 387)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 28.08.2024** | | **Heiliger Augustinuns,** *Bischof von Hippo, Kirchenlehrer (+ 430)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass |
| **Donneschdeg 29.08.2024** | | **Jahrestag der Weihe der Kathedrale von Luxembourg** |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |
| **Freideg, 30.08.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 22. Sonndeg am Joereskrees B

***Kiermes zu Bëttel, Houschent an Houschent-Déckt***

*1. Lies.: Dtn 4, 1-2.6-8; 2.Lies: Jak 1, 17-18.21b-22.27; Ev.: Mk 7, 1-8.14-15.21-23*

***« Dat Vollek hei éiert mech mat de Lëpsen,***
***hiert Häerz awer ass wäit ewech vu mir… »*** *(Mk 7,6)*

D'Evangelium vun dësem Sonndeg invitéiert äis dozou, eng Gewëssenserfuerschung ze maachen, fir ze kucken, wéi mir dem Herrgott säi Wuert unhuelen. Wa mir zerstreet sinn, an nëmmen oberflächlech nolauschteren, dann déngt et äis net vill. Dann entwéckelt sech äis Liewen net an déi richteg Richtung a mir fanne keng déif Bezéiung zu Herrgott. An dat huet och negative Auswierkungen op eis Bezéiunge zu eise Matmënschen. Dem Herrgott säi Wuert muss déif an eist Häerz andréngen, et verwandelen an eist Liewe bestëmmen. Biede mir den Herrgott ë meng déif Religiositéit, ëm e gutt Häerz, dat sech ëmmer méi mat Léift fëllt an datt dës Léift och ëmmer méi an eisem Liewe sichtbar gëtt.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 31.08.2024** | | **Heiliger Paulinus,** *Bischof von Trier, Märtyrer (+ 358)* |
| Veianen-TK | 11:00 | **Daf** vum Mara Schintgen |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 01.09.2024** | | |
| Bëttel | 10:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass als Joergedächtnis<br>fir Nicolas Waxweiler a fir Marie Mischel,<br>Mass fir Felix Eischen,<br>Mass fir d'Famill Rickal-Schaltz |
| Houschent | 09:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass als 6. Joermass fir Alphonse Hoffeld,<br>Mass als 2. Joermass fir Helene Hoffeld-Streber<br>an als 5. Joermass fir Kim Jedrisiak,<br>Mass fir Marie a Clemi Kaes-Jans,<br>Mass fir all déi Verstuerwe<br>vun der Famill Turmes-Faber-Jost,<br>Mass fir Roby Burg a Marichen Burg-Godart,<br>Mass fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Houschter-Déckt | | *Griewerseenung* |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir Anne Arendt-Stoos |
| **Méindeg, 02.09.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 03.09.2024** | | **Heiliger Gregor der Große,**<br>*Papst, Kirchenlehrer (+ 604)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 04.09.2024** | | |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir de Kardinol,<br>de Wëibeschof an de Generalvikar |
| **Donneschdeg 05.09.2024** | | **Heilige Teresa von Kalkutta,**<br>*Ordensgründerin (+ 1997)* |
| **Freideg, 06.09.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

# 23. Sonndeg am Joreskrees – B

***Kiermes zu Stolzebuerg***

*1. Lies: Jes 35, 4-7a; 2.Lies: Jak 2, 1-5 ; Ev: Mk 7, 31-37*

***« Hien huet alles gutt gemaach: Hie mécht,***
***datt déi Daf héieren am d'Stëmmercher schwätze kënnen! »*** *(Mk 7,37)*

Dem Jesus seng Wierder: „Effatha, géi op!" verweisen op eis Daf an eis Firmung. An eiser Daf an an eiser Firmung gi mir vun eisem Daf- a Stommsinn geheelt. Mir kréien d'Gnod geschenkt, richteg op dem Herrgott säi Wuert ze lauschteren an et ze verstoen an esou an eng lieweg Bezéiung zum Herrgott ze trieden. Mir kréien och d'Fähegkeet mam Herrgott a vun him ze schwätzen a vun eisem Glawen Zeechnes ofzeleeën. Esou gëtt dat chrëschtlech Liewen an der Kommunikatioun zu enger Erfahrung vu Gemeinschaft, déi äis Freed, Fridden an Vertrauen schenkt.

**Samschdeg, 07.09.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Branebuerg | 18:00 | Virowendmass<br>als 1. Joermass fir Elsy Peffer-Ries |

**Sonndeg, 08.09.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 09:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Houschent | 09:00 | **Tëleesmass**<br>*organiséiert a gesonge*<br>*vun der Chorale Saint Cecile vun Houschent* |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Wuelessen | 11:45 | **Daf** vun Mick a Rick Borgia |

**Méindeg, 09.09.2024** **Heilger Petrus Claver,** *Priester (+ 1654)*

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |

**Dënsdeg, 10.09.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |

**Mëttwoch, 11.09.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

**Donneschdeg 12.09.2024** **Heiligster Name Mariens** *(Mariä Namen)*

| | | |
|---|---|---|
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 13.09.2024** | | **Heiliger Johannes Chrysostomus,**<br>*Bischof von Konstantinopel,*<br>*Kirchenlehrer (+ 407)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 24. Sonndeg am Joreskrees – B

***Kiermes zu Wuelessen,Näidsen a Laaschent***

*Kollekte: «Für die pastoralen Aufgaben der Erzdiözese».*

*1.Lies.: Jes 50, 5-9a;.2.Lies.: Jak 2, 14-18; Ev.: Mk 8, 27-35*

***« Fort mat dir Satan, hanner mech ! Du hues net dat am Sënn,***
***wat den Herrgott wëllt, ma dat, wat d'Mënsche wëllen! »*** *(Mk 8,33)*

De Péitrus kann net akzeptéieren, datt de Jesus verstouss gëtt a leide muss. Hien dreemt och vun engem Messias, deen iwwer seng Feinden triumféiert. Dofir gëtt hien vum Jesus streng zurechtgewisen. Grad dem Jesus seng Passioun bewierkt d'Heel vun de Mënschen, wéi schonn an de Lidder vum leidende Gottesknniecht beim Prophéit Jesaja am Alen Testament ugekënnegt gi war. Déi him nokomme wëllen, mussen och bereet sinn, sech selwer ze verleegnen an hirt Kräiz op sech ze huelen. Fir dem Herrgott sengem Räich ze déngen, musse mir eis spontan Tendenzen an Interessen wéi de Jesus zeréckstellen, a bereet sinn, eist Liewen anzesetzen. Dann erfueren mir seng Léift, säi Fridden a seng Freed.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 14.09.2024** | | **Kreuzerhöhung** |
| Holztem | 10:30 | **Daf** vum Felix Seil |
| Wuelessen | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir d'Famill Serres-Wilmes<br>a fir d'Famill Heinen-Huss |
| **Sonndeg, 15.09.2024** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir Mich Weber a Léonie Molling,<br>Mass fir d'Famill Karier-Brücher-Peffer |
| Näidsen | 09:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Laaschent | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir d'Famill Winandy-Schmit |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | WOGODI |

## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu

**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
92 13 45 / 621 83 54 69
carnold2@freenet.de

**Vincent De Smet** – *Kaploun*
20, Kierchestrooss – L-9454 Furen
621 46 80 26
vincent.desmet@cathol.lu

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu

| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |



Lass die schöpferische Stille, das Singen und Beten,
die Mitte deines Lebens sein und nicht die
Randerscheinung deiner Tage. – *Hanna Hümmer*



Par Parc Our
Saint-Nicolas

# Bildchenswoch 2024

## vum 11. – 18. August

**Muttergottes vum Bildchen,
stäerk eis Gemeinschaft!**



## Pilgermassen

| | |
|---|---|
| 11.08. | Veianen |
| 12.08. | Houschent |
| 13.08. | Veianen |
| 14.08. | Baastenduerf |
| 15.08. | Stolzebuerg |
| 16.08. | Housen |
| 18.08. | Veianen |

Busnavett (11. & 18. August) vum Parking "Servior Schlassbléck", "Larei", "Schull", "Justizkréis" a "Schank"

Iessen (18. August) am Restaurant Petry (30 €)

Umeldung am Parbüro Veianen: **83 41 13**
(Dënsdes, Mëttwochs a Freides Moies) bis den 6. August 2024

**Sonndes, den 11. August 2024**

14.30 Auer — RV beim Fatima Sanctuaire am Bildchensbësch, uschléissend Pressioun bei d'Bildchenskapell an zeréck
15.30 Auer — Pontifikal Fräiliichtmass mam Weibëschof Leo Wagener

**Méindes, den 12. August 2024**

10.15 Auer — Bildchensmass mat Krankesalbung am "Servior Sanatorium" zu Veianen
18.30 Auer — Rousekranz an der Kierch zu **Houschent**
19.00 Auer — Pilgermass mat Priedegt vum Paschtouer Marco Wehles, gesonge vun der Choral vun Houschent

**Dënsdes, den 13. August 2024**

10.30 Auer — Bildchensmass mat Krankesalbung am "Servior Schlassbléck" zu Veianen
18.30 Auer — Rousekranz an der Trinitarierkierch zu **Veianen**
19.00 Auer — Pilgermass mat Priedegt vum Offizial Patrick Hubert, gesonge vun der Choral vu Furen

**Mëttwochs, de 14. August 2024**

18.30 Auer — Rousekranz an der Kierch **Baastenduerf**
19.00 Auer — Pilgermass mat Priedegt vum Kaploun Vincent De Smet, gesonge vun de Chorale vu Baastenduerf a Branebuerg-Laaschent

**Donnesdes, de 15. August 2024 - MARIAHIMMELFAART**

10.30 Auer — Houmass zu **Stolzebuerg** mat seene vum Wësch mat Priedegt vum Paschtouer Jeannot Gillen, gesonge vun de Chorale vu Stolzebuerg a Mierschent

**Freides, de 16. August 2024**

18.30 Auer — Rousekranz an der Kierch zu **Housen**
19.00 Auer — Pilgermass mat Priedegt vum Diakon Jürgen Kusch, gesonge vun der Choral vun Housen

**Sonndes, den 18. August 2024 – ROUKIDAG ZU VEIANEN**

10.30 Auer — Houmass mam Generalvikar Patrick Muller an der Trinitarierkierch zu **Veianen**, gesongen vun der Choral Trinitaire
12.30 Auer — Gemeinschafts-Iessen vun der Par am "Restaurant Petry"
15.00 Auer — RV bei der Jugendherberg zu Veianen, uschléissend Roukipressioun bei d'Bildchenskapell, uschléissend Receptioun beim Fatima Sanctuaire am Bildchensbësch

# SPECTACLE MUSICAL
# LAUDATO SI

L'histoire de Saint François d'Assise et de son amour pour le Créateur et les créatures, racontés à travers le chant et la danse.




'Eglise Saint Sébastien, Ettelbruck
Diocèse de Luxembourg

Le 20 juillet 2024, à 19 heures

LUX YOUTH